# De Meeschter, dee kee méi ass?

Den 07.02.2022 gouf d'AMELUX gegrënnt, mam Zil d'Interessi vun all Meeschter aus dem Enseignement zu Lëtzebuerg ze vertrieden.

Et gëtt wuel scho Gewerkschaften déi d'Maîtren an der Schoul vertrieden, mee ons Stäerkt ass et, datt mir ons fir alleguer d'Meeschteren asetze wëllen, egal ob Fonctionnaire oder Employé. Mir sinn der Meenung datt d'Handwierk am Lëtzebuerger Land net richteg valoriséiert ass. Well Handwierk ënnert sengem Waert ugesi gëtt, ginn et ëmmer manner Leit, déi d'Meeschterprüfung wëlle maachen.

Laut de Kompetenzen, déi am europäeschem Qualifikationsrahmen festgeluecht sinn, muss eng Meeschterprüfung an den Niveau 6 (Bachelor) agestuuft ginn, mee leider gëtt se hei zu Lëtzebuerg an den Niveau 5 agestuuft. D'selwecht gëllt fir den Techniker-Diplom, dee gläichgestallt ass mat enger 1ière, obwuel de Meeschter eng Ausbildung vun 3 Joer ass. Mir fuerderen datt d'Meeschterprüfung als Bachelor unerkannt gët, well nëmmen da lount et sech fir déi Jonk sech fir en Handwierk ze entscheeden. D'Handwierk muss erëm an der Gesellschaft eppes wäert sinn.

Mir hunn Entrevuen bei den zoustännege Ministeren Bettel, Meisch an Hansen gefrot a wënschen eis, datt mer sou an engem gudden Dialog kennen diskutéiere fir dëse Projet no vir ze bréngen. Datt de Meeschter nees en Meeschter gëtt an de Stellewäert an der Gesellschaft kritt, deen e verdéngt huet. Sou datt méi Jugendlecher sech entscheede fir an d'Handwierk ze wiesselen an et net just eng Noutléisung ass.

D'Gesellschaft brauch d'Handwierk a wéi laang ee waarde muss bis en Handwierker kënnt ass op e Manktem u gutt ausgebilte Leit zeréckzeféieren? Dofir fuerdere mir datt d'Regierung d'Meeschteren am Bachelorniveau klasséiert!

**Wat leescht eigentlech e Meeschter am Handwierk an enger Firma?**

- Personalmanagement
- Equippen andeelen fir den alldeeglechen Betrib
- Uschafen vun néien Maschinnen a Fuerpark
- Beopsiichtegen vun Chantieren
- Autodidaktesch Weiderbildung (Innovativ Techniken aus der Beruffswelt mat abezéien)
- Bei Bedarf en Budget verwalten
- Bei Bedarf en "Atelier" verwalten
- Schaffe mat geféierlechen Maschinnen
- Schaffe mat geféierleche Chemikalien
- Méisproochegkeet an alldeeglechen Oflaf

**Wat leescht eigentlech e Meeschter am Handwierk am Enseignement?**

- Unterrechtsstonn plangen d.h komplex Léiersituatiounen ze erschafen (Léierstoff didaktesch a pedagogesch sou op ze schaffen, datt all Schüler kann ugesprach ginn, berécksiichtegt ginn do all Léiertippen a Léierkanäl)
- Selbstreflexioun vun der Unterrechtsstonn
- Léierfortschrëtt vum Schüler analyséieren
- Bewäertunge vun de Kompetenze vun all Schüler (Bewäertungen ausschaffen)
- Autodidaktesch Weiderbildung (Innovativ Techniken aus der Beruffswelt mat abezéien)
- Léierprogrammer vun de Schüler ausschaffen, verbesseren an der Zäit upassen
- Polyvalent schaffen (Net nëmmen dat geléiert Fach muss enseignéiert ginn, duerch eben de massive Personalmangel)
- Ofschlossexamen an Tëschen-Examen ausschaffen, beobsiichtegen an och bewäerten
- Bei Bedarf en Budget verwalten
- Bei Bedarf en “Atelier” verwalten
- Schaffe mat geféierlechen Maschinnen am Klasseplenum
- Schaffe mat geféierleche Chemikalien am Klasseplenum
- Méisproochegkeet am Unterrecht fir all Schüler kennen unzeschwätzen
- Schaffe mat héijer Unzuel vun Unterrechtsstonnen (Fir datt garantéiert ass dat all Jugendlechen déi Ausbildung absolvéiere ka wou en d’Recht drop huet)

Equipe vun den maîtres d‘enseignement Luxembourg

| Président | Vize-Président | Trésorier |
|---|---|---|
| Turk Christian | Peiffer Serge | Reckinger François |